# Koschtereck

De Koschter freet sech, wéini déi 3 längst gestëmmte Synodeviirlagen iwert d'Viirbereedung op d'Bestiednis, de Religiounsunterricht an d' Bouss a Beicht engem breede Publikum bekannt gemaacht gin. Wuel gouwe si am "Kirchlichen Anzeiger" veröffentlecht, mä si sin jo sécher nët nëmmen fir de Klerus geduecht. Wuel fënnt ee vun Zäit zu Zäit am L.W. oder an dësem oder deem Porblat en Hiwäis op d'Pflicht fir matt Zäiten beim Paschtouer säi Bestiedtnis unzemellen an déi kiirchlech Preparatioun mattzeman, mä wou wor bis elo e Wuert zur Begrëndung vun där Pflicht ze liesen? Firwat huet d'Synod schéin ausféierlech Texter erschafft, wann herno nëmmen e neit Kiirchegebot draus gezu gët an de Motivatiounszesummenhank dem Kiirchevollek virenthale gët? Wéi wëllt een da Mentalitéiten änneren?

m.p.